***Compte Rendu vun der Kulturkommissiounssëtzung vum 29. Abrëll 2024 um 19h30 am Centre Communal zu Wëlwerwolz***

| | |
|---|---|
| <u>Präsenzen:</u> | Patrick Bormann, Maurice D'Incau, Jos Fischbach, Yves Kaiser, Sandra Linster, Christian Schmit, Vitor Simoes, Serge Zenner |
| <u>Ofgemellt:</u> | Paul Poncin |

---

## 1. Organisation

- D'Sprooch vun de Kommissiounssitzunge gouf op Lëtzebuergesch festgeluecht. Punktuell gëtt d'Sprooch no Bedarf ugepasst.
- Mir grënne keng WhatsApp-Grupp
- D'Convocatioune gi per Mail verschéckt. D'Memberen déi keng Emailadress hunn, kréien d'Convocatioun per Post.
- D'Rapporte ginn op de Siggidrive gesat, wou all Member Zougrëff kritt. D'Memberen déi keng Méiglechkeet hunn, sech op de Siggidrive anzeloggen, kënnen op d'Gemeng an d'Sekretariat goe fir sech déi Saachen unzekucken.

## 2. Informations génériques

Theme vun der Kommissioun si follgend:

- Patrimoine (Gebaier, Immateriellt Kulturierwen, ...)
- Kultur (Manifestatiounen, Zirkus, Literatur, Ausflich, ...)
- Fräizäit (sportlich, kulinarich, ...)

## 3. Discussion ouverte et collecte d'idées

D'gouf e Brainstorming gemaach wou all Iddi geäussert gëtt. Bis déi nächst Versammlung gi verschidden Iddie konkretiséiert. Doropsi leeë mer dann zesummen en zäitliche Plang fest fir ze kucke wéini, wou an ob eng Iddi emgesat gëtt.

- Vitor: Open air Kino; évènement sportif, course à pied, randonnée guidée.
  - Sandra freet e Präis fir den Open Air Kino un. D'Randonnée ass als Iddi fir gutt empfonnt ginn. Weider Detailer bleiwen ze klären.
- Maurice: lokale Béier maachen; Gaart uleeën.
  - Den Dirk vu Lellgen bréngt lo am Mee e lokale Béier raus. De Maurice kläert bis déi nächst Versammlung weider Detailer zum Gaart.
- Patrick: Kräizer, Monumenter, Denkmeeler botzen an opwäerten.
  - De Patrick an de Serge ginn sech déi Saachen ukucken a presentéieren an der nächster Sitzung weider Detailer.
- Jos: Ausflich (Koffergrouf, Schifermusee, Antimonsminn); Hausschëlder mat alen Hausnimm; Nationalfeierdag oppäppelen.
  - De Jos kläert weider Detailer zu den Hausschëlder. De Jean-Marie Boumans kënnt an der iwwernächster Sëtzung fir eis Detailer zu den Hausnimm ze ginn.
- Yves: Eesse mat lokale Produkter (eng Aart Gala-Dinner).

  - Den Yves setzt fir déi nächste Kéier e Menu op.
- Serge: Marche gourmande; Monumenter botzen an opwäerten.
  - Marche gourmande gouf wéinst dem Aarbichtsopwand verworf. Patrick a Serge ginn sech d'Monumenter ukucken.
- Sandra: Summerfest; permanente Spillpark opbauen.
  - Sandra freet Präisser u fir e Summerfest.
- Christian: QR-Coden ophänke wou een Informatiounen zu spezielle Plaze krëtt (ähnlich Webwalking, Zeitreise vom Naturpark).
  - Yves kläert wou de Projet Webwalking drun ass.
- Paul: Steebroch Mäerkels schützen; Petangspiste zu Pënsch opwäerten; Badminton fir jiddereen erméiglichen.
  - Schäfferot kuckt sech d'Petangspiste un a beréit sech fir wieder Schrëtt. Paul erkläert eis an der nächster Sitzung wat genau mam Steebroch zu Mäerkels gemengt ass.

## 4. Conclusions et perspectives

Dëse Punkt ass an oranger Faarw am Punkt 3 rëm ze fannen.

## 5. Prochaines réunions

- **18. Mee 2024 um 9h00** zu Kautebaach um Parking: Start vun engem klengen Tour mat de Membere vun der Kulturkommissioun duerch d'Gemeng fir verschidde POIe kucken ze goen.
- **3. Juni 2024 um 19h30** am Centre Culturel zu Kautebaach: nächst Reunioun vun der Kulturkommissioun.

Äischer, de 5. Mee 2024

**Christian Schmit**
Präsident

**Jos Fischbach**
Sekretär